N°3281
Entrée le 13.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3281 vum 2. Dezember 2025 vum honorablen Députéierten Sven CLEMENT

1. Wéi huet de Vertrieder vu Lëtzebuerg de 26. November 2025 bei der Ofstëmmung am COREPER iwwer d'Mandat zur "Chatkontroll" konkret votéiert?

2. Falls Lëtzebuerg dem Text zougestëmmt huet: Wéi justifiéiert d'Regierung dëse Positiounswiessel par rapport zur Äntwert op d'Fro n° 2764, an där explizit virun de Risike vun der "Uploadmoderation" an enger genereller Iwwerwaachung gewarnt gouf?

3. Ass d'Regierung der Opfaassung, dass deen elo ugehollenen Text d'Krittäre vun der Proportionalitéit an dem Schutz vun de Grondrechter erfëllt, obwuel Expert'en drop hiweisen, dass "fräiwëlleg" Uploadmoderation de facto op eng net justifiéiert Masseniwwerwaachung erausleeft?

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 2764 erkläert, ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Regierung d'Efforten um europäesche Plang souwuel fir de gemeinsamen a geziilte Kampf an der Europäescher Unioun géint Pedokriminalitéit, ewéi allgemeng fir e bessere Jugendschutz am Internet. An och national verstäerkt d'Regierung de Kampf géint sexuelle Mëssbrauch a sexuell Ausbeutung vu Mannerjäregen, e.a. andeems se der Police an der Justiz déi néideg Moyene fir eng effikass Strofverfollgung gëtt.

Den Haaptgrond, firwat déi viregt dänesch Propose net vun der Lëtzebuerger Regierung konnt matgedroe ginn, war, dass déi Dispositiounen iwwert d'"Detection orders" (also Injonctiounen, déi vun institutioneller Säit aus un d'Fournisseure vu Servicer gi fir déi dozou ze obligéieren, d'Message vu Benotzergruppe systematesch op pedopornografescht Material ze ënnersichen) zu enger genereller Iwwerwaachung vun all de Benotzer vum betraffene Service hätte kënne féieren an de Krittär vun der Proportionalitéit aus der Charta vun de Grondrechter vun der EU wuel net erfëllt hunn.

An der neier Propose sinn alleguer d'Dispositiounen iwwert déi "Detection orders" gestrach ginn, sou dass e Fournisseur vu Servicer lo keng esou Injonctiounen méi vun institutioneller Säit ka kréien.

Déi Moossnamen, déi d'Fournisseuren an der aktueller Propose op fräiwëlleger Basis kënnen ënnerhuelen, si par contre net nei. Dës Moossname baséiere schonns op dem existéierenden EU Reglement n° 2021/1232 vum 14. Juli 2021, dat dës temporär Mesure virgesäit. Déi Mesure solle mat dem neie Reglement perenniséiert ginn. Dëst ass an den Ae vun der Regierung aktuell en akzeptable Verhandlungskompromëss fir souwuel de Schutz vun de Kanner viru sexueller Ausbeutung, wéi och d'Recht vum Bierger op Privatsphär ze consideréieren.

4. Wéi bewäert d'Regierung déi am Text virgesinn Altersverifikatiounen am Hibléck op d'Recht op anonym Kommunikatioun an Dateschutz, besonnesch well dëst eng Identifizéierungspflicht fir all Notzer mat sech brénge kéint?

D'Altersverifikatioun ass keng Mesure, déi mat der rezenter Propose an den Text bäikomm ass. Se ass och keng Mesure, déi spezifesch just fir dëse Reglementsprojet geduecht ass, mee eng déi och méi breet an net nëmmen op EU-Niveau diskutéiert gëtt. Et ass technesch méiglech, eng Altersverifikatioun ze maachen, ouni d'Identitéit vun der betraffener Persoun Präis ze ginn. De Reglementsprojet gesäit dann och Garantie vir, fir dass déi Altersverifikatioun net onnéideg an d'Privatsphär agräift.

5. Wéi eng Positioun wäert Lëtzebuerg an deenen elo ustoenden Trilog-verhandlunge vertrieden, fir sécherzestellen, dass et net zu der "digitaler Katastroph" kënnt, virun där Biergerrechtler warnen?

Lëtzebuerg wäert sech och an de Verhandlunge fir eng Politik asetzen, déi souwuel de Schutz vun de Kanner viru sexueller Ausbeutung, wéi och d'Recht vun all den EU-Bierger op Privatsphär a sécher Kommunikatioune zesumme consideréiert.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue